N°1602
Entrée le 14.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, de Madame la Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, Yuriko Backes, et de Monsieur le Ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité, Serge Wilmes, à la question parlementaire n°1602 du 29 novembre 2024 de Madame la Députée Stéphanie Weydert et de Monsieur le Député Jeff Boonen au sujet de la centrale hydroélectrique à Rosport**

Et ginn zu Lëtzebuerg topographesch a geographesch bedéngt haaptsächlech kleng Gewässer. Lëtzebuerg läit op der Waasserscheed tëschent dem Rhäin an der Meuse, d'Gewässer hunn dowéinst kleng Anzuchsgebidder mat wéineg Waasser. Dofir ass d'Potenzial vun der Waasserkraaft zu Lëtzebuerg, am Verglach mat anere Länner, begrenzt. An Zukunft wäert sech d'Potenzial fir d'Waasserkraaft nach weider reduzéieren, duerch méi laang Drécheperioden a manner Waasser an de Gewässer. Duerch Héichwaasser, wéi am Juli 2021, erhéicht sech och d'Warscheinlechkeet vu Schied un den Installatiounen. Am Verglach mat aneren erneierbaren Energiequellen, wéi der Wand- a Solarenergie, erfuerdere Waasserkraaftwierker proportional zur produzéierter Energie méi héich Investitiounskäschten.

Wat d'Waasserkraaftwierk zu Rouspert ubelaangt, beroden sech de Moment déi concernéiert Ministèren a Verwaltungen an engem Aarbechtsgrupp, ënnert wéi enge Bedéngungen en Neiopbau vum Kraaftwierk méiglech ass. Parallel analyséiert de Bedreiwer technesch Méiglechkeeten, fir en zukünftegt Kraaftwierk virun der Gefor vun enger weiderer Iwwerschwemmung ze schützen.

De Moment ginn d'Laaschtenhefter virbereet fir ënnerschiddlech Variante vun enger Erneierung vum Waasserkraaftwierk ze analyséieren. En Neiopbau muss konform mat der europäescher *Directive-cadre sur l'eau* (2000/60/CE), der *Directive Habitats-Faune-Flore* (92/43/CEE) an der *Nature Restoration Regulation* (2024/1991) sinn. Well d'Sauer fir 80 % vun de Lëtzebuerger Gewässer den Zoufloss ass, muss och d'Fëschduerchgängegkeet fir Wanderfësch garantéiert sinn. Niewent der Bewäertung vun den Ëmweltimpakter, vun de potenziellen Energieerträg a vun der Käschteschätzung vum Génie civil, ass och d'Héichwaassersituatioun an de Gemenge laanscht d'Sauer ze berücksichtege. Duerch d'Anlag entsteet e Réckstau vum Waasser, wouduerch sech am Haaptfloss vun der Sauer Sedimenter oflageren, déi d'Héichwaassersituatioun impaktéiere kéinten.

Fir dës Etude kënnen an Optrag ze ginn, gëtt enk zesummegeschafft tëschent dem Wirtschaftsministère, dem Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, der Waasserverwaltung, der Stroossebauverwaltung an dem aktuelle Bedreiwer. Well d'Sauer e Grenzfloss ass, ginn och déi däitsch Autoritéite mat an Diskussiounen agebonnen.

D'Regierung kann sech eréischt no der Fäerdegstellung vun der Etude an der Analyse vun hire Resultater iwwert déi definitiv Oplage prononcéieren, ënnert deenen d'Waasserkraaftwierk Rouspert kann erneiert ginn. Et ass de Moment net méiglech eng Aschätzung ze ginn, ob a wéini d'Kraaftwierk nees un d'Netz ka goen. Deemno läit dem Staat zu dësem Zäitpunkt och nach keng Demande fir eng Pachtverlängerung vir.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Wat d'Risike vum Eidelstoe vum Kanal ubelaangt, kënnen um Stolwaasserbau photolytesch Effekter entstoen, déi d'Uewerfläch schiedege kënnen. De Kanal gouf awer inspizéiert, gebotzt an déi néideg Entretiensaarbechte goufen ëmgesat, esou datt et kee gréissere Risiko fir dës Infrastruktur gëtt.

Luxembourg, le 14/01/2025

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles